Eis Regelen fir de Schoulhaff

Fussball spillen

- D'1. an d'2.Schouljor spillen am Spillschoulshaff.
- D'3. Schouljor spillt am grousse Schoulhaff um Terrain mat de Goler. (Kee Problem, wann hei och Kanner aus dem 2. matspillen.)
- Soss dierf am Schoulhaff néierens Fussball gespillt gin!
- D'4. Schouljor hun elo mol provisoresch e Gol kritt, deen se all Paus mat op den Terrain huelen an d'Mëtt vun der rechtser Säitelinn (zum Spillschoulshaff hin) stellen.
  No der Paus huelen se de Gol dann nees mat eran.
  Mir froe bei der Gemeng no fir dass si eis do e feste Gol histellen (deen da just bei Bedarf eweggeholl gët).
- D'5. an d'6. Schouljor hun da jeweils ee Gol vum Fussballsterrain fir sech.
- Um Terrain dierf an de Pausen just Fussball gespillt gin!

Wat d'Mëttesstonn ugeet, do hun d'Klessespriecher beschloss, dass déi Kanner déi an d'**Kantin** gin dat eng Kéier mam Kantinspersonal beschwätzen fir eng Regelung fir d'Mëttesstonn festzeleeen.

Bei der Entrée fir an d'neit Gebei stelle mer e **Panno** hin wou alles wat mer gemeinsam beschwätzen an decidéieren hinhänken, sou dass jiddereen dat all Moment kann noliesen.